

## **Parascolaire Aktivitéite vum SNJ**

### **Sanitäert Konzept**

Versioun vum 28.10.2021

Déi an dësem Dokument beschriwwe sanitär Mesure riichten sech un ausserschoulesch Aktivitéiten déi vum Service national de la jeunesse organiséiert ginn.

#### **RESUME VUN DE MOOSSNAMEN**

- Responsabilitéit fir déi aktuell Covid-Mesuren anzehale läit beim Responsabel vum Grupp
- Bausse muss keng Mask gedroe a keng Distanz agehale ginn.
- Bannen dierfen bis 10 Leit ouni Mask an ouni Distanz zesumme sinn ouni Covid-Check, mat Covid-Check fällt dës Limitt ewech.
- Fir Formatiounen a Konferenze gëllt de Covid-Check.
- Aktivitéite mat Iwwernuechtung mussen ënnert Covid-Check stattfannen
- Bei Iwwernuechtungen dierfe maximal **10** Leit an engem Dortoir/Zelt schlofen
- Et gi méiglechst vill Aktivitéiten dobausse gemaach
- Et ginn detailléiert Instruktioune fir d'Responsabel an d'Animateuren.
- Fir all Jugendzenter gëtt et en FAQ Covid-19 fir di genau Ëmsetzung vun de Mesuren ze definéieren

Dës Moosnamen baséieren sech op :

- d'Recommandatioune vum Ministère de la Santé vum 15. Juli 2021 « Consignes applicables à partir du 15 juillet 2021 dans le contexte de l'animation socio-éducative du secteur de l'éducation non-formelle »

## DETAIL VUN DE MOOSSNAMEN

### 1. Allgemeng

D'Veantwortung fir d'Anhale vun den aktuelle Measure läit beim Responsabel vum Grupp. De Responsabel vum Grupp muss di néideg Kontrollen am Kader vum Covid-Check maachen.

D' Responsabilitéit fir de Covid-Check läit beim Organisateur vum Event (Aktivitéit, Iwwernuechtung, Formatioun, Konferenz, etc). Et gi keng Schnelltester op der Plaz méi ugebueden.

### 2. Covid-Check

De Responsabel vum Grupp muss kontrolléieren, dass d'Participanten eng vu folgende Konditiounen erfëllen:

- geimpft sinn
- geheelt sinn
- een negative PCR-Test hunn (72 Stonne gültig)
- een zertifizierte Schnelltest hunn (48 Stonne gültig)

Covid-Check muss ab engem Alter vun 12 Joer an 2 Méint gemaach ginn.

Kanner ënner 12 Joer an 2 Méint mussen een supervisierte Schnelltest op der Plaz maachen.

### 3. Maskepflicht an Distanz

#### a. Baussen

Bausse muss weder eng Mask gedroen, nach eng Distanzregel agehale ginn.

#### b. Bannen

Bis 10 Leit kënnen bannen un enger Aktivitéit deelhuele ouni Mask an Distanzregel.

Ouni Covid-Check mussen ab 11 Leit Maske gedroe ginn an Distanz agehale ginn

Ënnert dem Covid-Check fällt dës Limitt vun 10 ewech.

### 4. Dagesaktivitéiten:

Fir Dagesaktivitéite gëllen d'Reegele vun der Maskepflicht an Distanz (Punkt 3)

Am Allgemenge gëllt dat Aktivitéiten, Spiller a Fräizäit wa méiglech baussen ofgehale ginn.

Et soll evitéiert gi Material tëscht Persoune weider ze ginn oder ze tauschen.

### 5. Formatiounen a Konferenzen:

Fir Formatiounen a Konferenze gëllt ëmmer de Covid-Check.

### 6. Aktivitéiten mat Iwwernuechtungen:

Aktivitéite mat Iwwernuechtung mussen ënnert Covid-Check lafen.

- Kanner ënner 12 Joer an 2 Méint mussen keen Zertifikat virweise, mee den éischten Dag een supervisierten Schnelltest op der Plaz maachen.
- Bei Aktivitéiten vu méi wéi 2 Nuechten, muss um 3. Dag bei Jidderengem ee supervisierte Corona Schnelltest duerchgefouert ginn.
- Encadranten deenen hiren Covid-Check-Zertifikat während der Aktivitéit ofleeft mussen dësen um 3 Dag erneiere goen.
- Wann ee Schnelltest am Laf vun der Aktivitéit positiv ass, muss d'Aktivitéit ofgebrach ginn.

- Participanten an Encadrante müssen eng “déclaration sur honneur” ausfüllen, an dëser ginn si un dat se weder Symptomer hunn nach wesentlech a Kontakt mat enger Persoun waren di positiv op de SARS COV-2 getest gouf.
- Et dierfe maximal **10** Leit an engem Dortoir/Zelt schlofen
- Et gëllt och fir all Besuch de Covid-Check.

## **7. Aktivitéiten am Ausland**

All d’Aktivitéiten di am Ausland stattfannen, mat oder ouni Iwwernuechtung, müssen am Respekt vun de jeeweilege Measure vum Land stattfannen.

## **8. Iessen, Kachen:**

Beim Kachen a bei der Lagerung vun Iesswuere muss sech un déi allgemeng HACCP-Virschrëfte gehale ginn.

Benotzte Kichematerial, Iessbesteck a.s.w. müssen an der Spullmaschinn oder mat waarme Waasser a Spullmëttel gespullt ginn.

D’Arbeitsflächen an de Kichen an d’Iessdëscher müssen no all Benotzung propper gemaach an/oder desinfizéiert ginn.

## **9. Hänn wäschen / Desinfizéieren:**

Et muss een sech regelméisseg (tëschent den Aktivitéiten, virum Iessen...) seng Hänn wäschen oder desinfizéieren.

D’Encadrante sollen d’Participanten regelméisseg dorun erënneren.

Déi néideg Produite müssen dofir vum Gerant vun der Infrastruktur zur Verfügung gestallt ginn, fält op dass eppes feelt, ass et um Responsabelen dëst ze mellen an och ze kontrolléieren dass et geliwwert gëtt.

## **10. Botzen:**

D’Infrastrukture sollen all Dag gebotzt ginn. D’Sanitären an d’Points de contactë mussen regelméisseg gebotzt oder desinfizéiert ginn.

Op de Grupp selwer oder eng Botzfirma botzt muss am Virus festgeluecht ginn. Soll de Grupp selwer botze müssen déi dofir néideg Produite vum Gerant vun der Infrastruktur zur Verfügung gestallt ginn.

Déi Responsabel hunn ze iwwerpräiwen dass de Botzplang agehale gëtt.

## **11. Lëften, Ventilatioun:**

All benotzte Raim mussen regelméisseg gelëft ginn.

Goufe Fënsteren esou entrigelt dass een se grouss kann opmaachen, dierf dat just ënner Opsiicht vun engem Erwuessene geschéien.

Baussendiere vu Gebaier dierfe fir ze Lëften blockéiert ginn, Bannendieren mat engem automateschen Türschliesser dierfe grondsätzlech net blockéiert ginn.

## **12. Verdacht Covid 19:**

Weist eng Persoun Symptomer muss dës Persoun vum Grupp isoléiert ginn a vum Site ofgeholl ginn. Bis déi Persoun ofgeholl gëtt muss se an engem dofir virgesinne Raum waarden.

All Virfall muss direkt der Uspriechpersoun beim SNJ gemellt ginn.

## **13. Tracing:**

Fir de Retracage ze vereinfache muss all Grupp eng Lëscht féiere mat de Nimm an den Donnéeë vun alle Participanten, Encadranten a Visiteuren.

Zousätzlech sollt den Organisateur sech folgend Saachen notéieren:

- Wéi vill Participante sinn do a wei sinn se an Ënner-Gruppen agedeelt?
- Wéi eng Leit schlofen zesummen an engem Dortoir/Zelt?
- Wéi eng Leit iessen um selwechten Dësch?

## **14. Affichage:**

Affiche fir ze sensibiliséieren (Gestes barrières, richteg Hänn wäschen..) sinn um ganze Site ausgehaangen.

## **15. Personal SNJ :**

D'Personal vum SNJ kennt dëst sanitäert Konzept an ass sensibiliséiert op d'Anhalen opzepassen.

## **16. FAQ SNJ-Zentren:**

Fir all Zenter vum SNJ besteet een FAQ an deem déi konkret Ëmsetzung vun de Mesure beschriwwe gëtt.